

Mëttersprooch an Dictionnaren

Wien an enger vun den Haaptsproochen, déi mir hei an de Schoule léieren, eppes wëllt sichen oder kontrolléiere goen, dee fënnt dat an deene **bekanntsten Dictionnaren/Wierderbicher/Lexikonen, déi et am Däitschen, dem Franséischen oder dem Englesche gëtt:** *Duden a Brockhaus; Larousse a Robert; Oxford an Harrap's;* am „Multi“-Langenscheidt souwisou fir déi meescht Sproochen.

Natierlech begéint een do net Dresdener, Meenzer oder Berliner; net Montpelliérain, Musipontain oder Marseillais; och net dat Englescht vu Leeds, Glasgow oder Chester hunn do eng extra Plaz.

An all dëse Wierker, grad ewéi **an den Haaptreferenz-Dictionnairë vun alle gréissere Sproochen, ass et eng Mëttersprooch, déi d'Haaptwuert huet.** Firwat?

Gitt dir bei **d'Klassiker, déi wichtegst Schrëftsteller oder Journalisten an all deenen Idiome** kucken, da fannt dir séier eraus, datt déi sech d'meescht „an der Mëtt“ vun hirer Sprooch ophalen. Dat war gësch esou, ass et nach haut ... a wäert och esou bleiwen. Firwat? Mä et ass déi eenzeg Fassong, fir och eng „Süddeutsche“ un e Kölner ze kréien; ee vu Marseille fir de „Monde“ bei der Staang ze halen ... an esouguer e Schott bei der „Times“. Mengt dir, et giff een *d'Kronenzeitung* op „Wieneresch“ zu Innsbruck liesen?

Genee déiselwecht Gedankengäng passen natierlech op **d'Schoul**, wou keng eenzeg Sprooch iwver hir Regional- oder Lokalspezifeschkeete geléiert gëtt.

Et heescht jo, dat bescht Englesch giffe mir op der BBC matkréien; de „Spiegel“ wier eng Sproochreferenz fir d'Däitsch; de „Monde“ kënt een als „Stuel“ fir gutt Franséisch kucken. Dat muss net ëmmer 100% stëmmen, ower et ass op d'mannst eppes drun. An deenen dräi Medien ass ower, **bis op e puer bewosst Beispiller, keng Regional-sprooch ze fannen;** si halen sech un e Sproochduerchschnitt, deen säi Fong bei zolitte Schreiwerten huet. Dat verhënnert natierlech net, datt si hir Sproochen net „verdréche“ loossen a kengerleekeng Entwécklung/Evolutioun matmaachen, och net, datt si Ausdréck bis Mokuchs-Dag „matschleefen“, déi sech duerch dës oder déi Ursach, z. B. Anachronismus, „iwverlieft“ hunn.

Déi „grouss“ Sproocher leiden och op hir Manéier ënnert enger Zort vun „Eczema“, wann net esouguer un enger „Sprooch-Psoriasis“, déi schwéier oder guer net an de Grëff ze kréien ass: **D'Englescht iwverdubbert vill Franséisch an iwverschwämmt den däitsche Sproochraum;** d'Amerikanesch rappt verdäiwelt um „properen“ Englesch; wéiwäit ass dat Brasilianesch nach Portugisesch? Wéi steet et mam Spuenesch an deer ganzer Latino-Sphär? Am slavesche Sproochraum ass et garantéiert net anescht mat der Idiom-Turlatäin. Wéi kucke mir dann iwver déi Honnerte vun Zorte Sprooch-Babelen?

Mir da mat eiser „Nano-Sprooch“ an deem Gewulls? Mä mir hunn alt emol eng grouss Chance: Mir musse wéinst eiser eegener Mini-Sprooch souwisou ganz fréi an aner Idiomen eraklammen: mat 6 Joer Däitsch; am 2. Schouljoer Franséisch ... wat erëm dee bescht Fong ass, fir herno Englesch ze léieren. Domat ass **d'Lëtzebuergesch souzosen e „Catalyseur“ fir eise Schwonk an aner Sproochen, an zwar dat Mëttelëtzebuergesch,** wat mir ewell am 19. Joerhonnert – am Schnëtt – beim Gangler, dem Diedenhoven, dem Dicks, dem Lentz, grad ewéi herno beim Marcel Reuland, dem Robert Bruch, dem Poutty Stein, dem Pol Greisch, dem Roger Manderscheid an engem ganze Koup anere Schreiwerte fannen ... net (mengt!) Weelzer, engem aneren säi Veiner, der Mamm hiert Escher oder dem Will säi Miseler ... a wann et nach esou sympathesch ass. Firwat solle mir äis dann onverstännegerweis d'Käpp fir oder géint „Gaart, Goart, Goort“ aschloen? Wann ee säi „Kolorit“ wëllt an Éieren halen, dann do, wou deen doheem ass. Geet et ëm dat Ganzt, also fir jiddwer Lëtzebuergesch ... da liest emol nach eng Kéier déi siwen éischer Zeile vun dësem Artikelchen ☺

Leider ...

... guff a gëtt et nach ëmmer **Leit, déi iwverzeegt sinn, datt et an hirer Sprooch kee Wuert kann/däerf ginn, dat si net gebrauchen, oder op d'mannst net kennen.** Dat ass – fir all Sproochen – ganz einfach Kabes! Esou eng (dacks arrogant) Meenung kéim drop eraus, datt all däitschsproochege Mënsch jiddwer Ausdréck misst „wëssen“, deen am décken „Duden“ ze fannen ass; datselwecht gëllt da fir e „Francophone“, deen de „Petit Robert“ vu vir bis hanne misst „kennen“, an en Englänner kloerweis de ganzen „Harrap's“ „intus“ hätt ... Pustekuchen! Des clous! Peanuts!

An eiser Sprooch gesäit dat nach méi koppeg aus: Wann een do z. B. vläicht d'Ausdréck „*schaufel, wënsch oder eeriicht*“ nach net héieren huet, d'Mamm si net gesot huet, et also och net a sengem Gebrauch ass ... da gëtt et dat ganz einfach net ... an hie setzt ouni Féischten (?) en däitsch, franséisch, dacks ewell och en englescht an d'Plaz ... wat fir Leit aus anere Sproochen net esou natierlech ass ... an da „ginn se kucken“. **Bei äis: sichen no engem lëtzebuergeschen Ausdréck ... a wann s de net gees!** Iwwerleet emol, watfir e spezifesche Problem dat fir eis kleesper(?) Sprooch bedeit. Dobäi ass d'Lëtzebuergesch beileiwen net esou aarm wéi déi allermeescht vun äis sproochaarm sinn. Firwat? ☺

vum Lex Roth



André Faber

Eng Freed!

No nach net emol dräi Woche steet ärem KLACK-Leitsgeheier säi Buch iwver **de Sigfrid an d'Melusina** op der véierter Plaz an der „Bestseller-Lëscht“, déi eis Editeuren all Mount publizéieren. Mat Stolz an Houfert huet déi éierlech Freed doriwwer näischt ze dinn. Dat wäert dach erlaabt sinn.

D'Kritik iwver déi nei Sigfrid-Melusina-Legend an 100 Strophen a 400 Versen ass bis elo, mat deer flotter Illustratioun – an zwar vu ganz kompetente Leit – wirklech gutt, grad esou an der Press wéi no der sympathescher Liesung am „Cité-Cercle“. Et sinn deer „Presentatiounen“ elo schonn nach eng Partie „an der Maach“; mat Geld huet dat näischt ze dinn. D'Buch selwer läit fir 20 Euro an allen éierbare Bicherbutteker. Et passt fir d'Vakanz, vläicht och als Cadeau, giedleg an d'Valise. ☺

Deemools: en Numm fir e Camping

Viru ronn 30 Joer huet e fréiere Schoulkomerod ugeruff a gefrot, wéi hie säi Camping soll deefen, deen hien **zu Heischent** wollt opmaachen. Wann deen Terrain am „Heischergronn“ geleeën hätt, wier d'Saach jo zimlech einfach gewiescht; dat Stéck Sauerdall ass, mat senger 8-eckeger Kapell superbekannt a bal a jiddwer Touristebichelchen ze fannen ... ower iergend **en „Heckebeesch“ téscht Feelen an Heischent?**

D'Fro war dunn, wéi déi Géigend am Kadaster geng heeschen ... a schonn hate mir e wonnerbaren Numm erwëscht, wéi en dosendemol op eise Kadasterkaarten ze fannen ass: Fuussekaul, en Numm, deen eeriicht un d'Natur erënnert, grad ewéi iwwegens „Wollefskaul“. Haut ass dee Camping „do uewen“ e Begrëff, an dee schéine lëtzebuergesche Flouernumm kënt ni an de Vergiess.

Intressant ass dobäi haut och nach, datt de President vum héchsten däitsche Gericht deeselwechten Numm huet ... just op däitsch getrëtz: *Vosskuhle*. Domat behält sech anengems, datt eis „Kaul“ net esou 100 % lëtzebuergesch ass. Eng „Knupp/Knippchen“ ower bestëmmt éischer, oder?

rosen?

Mir sinn äis es dacks net bewosst, wéi intressant vill Ausdréck aus eiser Sprooch sinn, déi mir d'meescht ouni nozedenken all gudden Dag gebrauchen; lëschtg gëtt et dann och méi ewéi eng Kéier, wa mir dës Wieder wëllen an eng aner Sprooch mat eranhuelen, also iwversetzen.

„Rosen“ ass deer Wieder eent, dat dobäi och nach x Bedeitunge kann hunn, also „polyvalent“ ass; net nëmme als Adjektiv/Adverb, mä souguer als gellegt Verb ... et huet dem Sënn no ower nëmme ganz wäitleefeg mam däitsche „rasen“ ze dinn: Mir kënnen *un enger Dier oder Paart „rosen“*, fir se opzékriegen; *am Hierscht „roost“ de Wand* um Geleef vun de Beem.

Hat dir ewell schonn e „*rosene Wuerm*“, deen och nach Ëmlaf heescht...an op franséisch, als „*panaris*“ grad esou wéi deet? Wat ass e „*rosenen Hond*“, a kennt dir de Spréchelchen doriwwer? Wéini seet ee vun engem, hie wier *van der rosener Kou gebass*, oder et hätt ee laang misse *van der rosener Kou iessen*? E flott Gesellschaftsspill: Wie fënnt déi meescht Sätz, an deenen dat „rosen“ an iergendenger Form virkënt ☺

Wat ass e Gespäer?

Eent vun den intressantsten Handwierker war/ass de Beruff vum „Zammermann“, alias „Charpentier“ ... wouvun iwregens och eise Familjennumm „*Scharpantgen*“ hierkënt. Net esou bekannt ass, datt vill Lëtzebuergesch „Zammerleit“ sech am 19. Joerhonnert en héich respektéierten Numm bei de komplizéierte „Gespäerer (net Daachstull!)“ op de „grands boulevards (Hausmann)“ zu Paräis gemaach hunn ... a bekuckt iech emol, wat si duerno mat hirer Kennerschaft op deene komplizéiertsten Daachkonstruktiounen an eiser „Neier Avenue“ a rondrëm gemaach hunn; och dat ass eiser Geschicht a gehéiert bei eis Kultur.

Hei kënnen mir ower och iwver eis Sprooch schwätzen, well zesoen alles, wat mat Holz an deer Bëschgéigend (dem zäitweisen „*Département des Forêts*“) ze dinn huet, hat seng eegen Ausdréck. Dofir wier et schued, wa mir – iwver den Eisebetongsflaatschen – déi „hëlzen Ausdréck“ genge vergiessen: datt e „*Balken*“ ëmmer eng „*Dunn*“ war, doriwwer „*Käfferen*“ de queesche Wee komm sinn, op déi dann „*Dille*“ geneelt guffen, iert et un d'Leeë gang ass. Eis Handwierksfederatiounen kënten sech mat engem Heftchen iwver hir Geschicht a Sproochgebräicher bei den eelsten, ower nach praktizéierte Fachgebitter, hei am Land e gudden Numm maachen ...

Da fuert emol duer ...

De Jang huet sech dëslescht eng fatzeg ginn, an déi schro Bless um Kapp ass nach ee Roff a gëtt sech net; dofir ass en och esou ondugen. Hien huet och mam Patschen opgehal, well en ëmmer méi gekeimt huet, wann e fir heem d'Kopp aus gaang ass. Hie war am Fong ni e ganz Kamouten, an huet déi aner Leit nawell gâr fir topeg oder Daboe gehal ... bis en et eng Kéier bei engem geféngert huet, deen him beim Patt de Wouer no den Noute geblosen huet ... zënterhier ass de Jängel vill méi gedam ... Stellt iech vir, dir misst dat Gedéngels op Däitsch oder Franséisch iwversetzen ☺